Zickel Zirkus



An der Psychiatrie ass elo schonn an der drëtter Woch d'Joffer Anne Zikloni internéiert, eng grondgewëssenhaft Grondschoulléierin, déi et einfach net méi gepackt huet, eng béis Nervekris gemaach huet an total ausgeflippt ass. Si sëtzt an hirem Spidolszëmmer a schreift de ganzen Zäit Rapporten a Bilanen. Sou zum Beispill deen hei:

Evaluation à fonction certificative vun der Schülerin Jackel Mockel am 3. Zickel vun der Grondschoul Dommeleechel:

D'Jackel Mockel ass gutt integréiert am 3. Zickel.

Hatt verhält sech ganz zickelkonform a sockelgerecht, woubäi ower ze vermierken ass, dass d'Jackel ëmmer nach e bëssel zéckelt an zierkelt, besonnesch an der Mathematik, sou datt et net en ligne droite evoluéiert, ma am Zackelzick, wëll soen am Zickelzack. Heiansdo huet d'Schülerin Jackel Mockel ganz einfach Null-Bockel, ma eng aner Kéier ass et voll motivéiert: da schaffelt et gutt mat an ass bal net méi ze bremselen. Hatt weess och schonn immens vill fir säin Alter, et ass bal eng richteg lieweg Enzik…zickel…zickelklopeldie. Et gesäit och direkt, wat lass ass, béckelt sech a stréckelt seng Schong, Schung, Turnschlappel. Aner Matschüler aus deem selwechten Zickel man dat net. Entweder kuckelen déi net gutt a gesinn net, datt hire Stréckel lass ass, oder et ass hinne Wurschtel. Si fannen dat cool. Schong, Schung, Turnschlappelen dierfen net gestréckelt sinn. Turnschlappele stréckelen ass schiel.

D'Schülerin Jackel Mockel schwätzt e räicht Däitsch, par conter franséischelt et nach eng Grimmel simpel. Ma dat verbessert sech nach: op kee Fall dierf dat eng Uersaach sinn, fir hatt net an den nächsten Zickel weiderzickelen ze loossen. An duerno féiert säi Wee et mat Sécherheet an de Klassikel.

Charakterméisseg ass d'Jackel Mockel ganz agreabel, just mat Momenter behëlt hatt sech e bëssel zickeleg, ma dat sinn déi aner Zickelschülerinnen och. Wären se nueren hallef sou zickeleg, also hemizickeleg, da wären se ëmmer nach zickeleg genuch.

Ma ofgesinn dovunner bleift festzehalen, datt d'Jackel vill Sportel mécht, jo, hatt ass eng duerchaus sportelech Elèvelin. Et kënnt all Dag mam Velo, also mam Beizickel an d'Schoul, a wann et dann do ukomm ass, huet et sech scho gutt ausgezickelt, ier mir dann an der Klass mam eigentlechen Zickel-Zirkus ufänken.

Bref, d'Jackel Mockel ass kapabel, fir um Kompetenzesockel an deen nächsten Zickel ze zockelen.

Anne Zikloni,
Léierin vum drëtten Zickel an
der Grondschoul Dommeleechel

„Dir braucht dach hei net dauernd Rapporten a Bilanen ze schreiwen", seet den Dokter Turpel, „a scho guer net an där deforméierter Sprooch mat där Manie, bal alles mat -el hannen ze vermuddelen. Kommt, iesst emol eppes." „Jo, Dir hutt Recht, Dokter Turp, lo huelen ech mol en décke Mauf mam Läff aus der Schoss. An da schreiwen ech dee nächste Bilan."

Roland Harsch

- Texte paru dans: Ausbléck/Récré 26; 2011
(Les Éditions de l'APESS)

Heute möchte sich niemand mehr
die Finger dreckig machen.
Die Kreidepädagogik ist
nun definitiv abgeschrieben.
Das Kreide-Credo:
Ich glaube kreidenfelsenfest
an ein Lernen durch Abschreiben
von der Tafel gehört ein für allemal
dem finsteren Schulmittelalter an.

Wirklich?
Ich werde kreidebleich:
Ich bin ein hoffnungslos
kreideverstaubtes Relikt aus der Kreidezeit.
Heute musst du eine agil agierende
Powerpointfrau sein
mit großem Feedback-Potenzial
und hoher Performance-Kapazität.
Heute müsste ich ein multimedial versierter,
teamteachender Lernprozessbegleiter sein
mit großzügiger Portfolio-Gebärde.
Du stehst nicht mehr kreideverführerisch
vor sieben zickigen Geißlein,
sondern bewegst dich zyklisch
inmitten dreißig kompetenzversessener Schüler.
Und wenn ich trotzdem noch auf
Kreide stehe:
Es knirscht so schön.
Ein atavistisches Altpädagogenpläsierchen.
Will M.E.N.[1] mir das ankreiden? –
Möge man mich rügen
oder besser noch
auf Rügen schicken
in die Verbannung:
Was soll's? –
Sehr bald und wirklich
ein für allemal wird es heißen
für mich:
Schwamm drüber!
Bis dahin sing ich närrisch:
Im Wald und auf der Kreide…

Roland Harsch

[1] M.E.N.: Ministère de l'Education Nationale (Unterrichtsministerium)

- Texte paru dans: DUDA – Kurioses aus dem Rotstiftmilieu
(Editions Guy Binsfeld ©2012)